N° 5098
Reçue le 13.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.10.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weider ze leeden.

Laut der «Kaufmännische Krankenkasse» wieren ëmmer méi jonk Mënschen iwwergewiichteg. Esou wier d'Zuel vun den Kanner bis siwwenzéng Joer an Däitschland, déi ënnert extremem Iwwergewiicht (Adipositas) leiden an deenen leschten zéng Joer (2010-2020) em 30 % erop gaangen. Am frappantsten wier de Plus bei den Aacht-bis Eelefjäregen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Kanner zu Lëtzebuerg ënnert Iwwergewiicht leiden ? Wéi vill dovun leiden ënnert extremem Iwwergewiicht (Adipositas) ?
- Em wéi vill Prozent ass d'Zuel vun den iwwergewiichtegen Kanner, respektiv extrem iwwergewiichtegen Kanner an deenen leschten zéng Joer an d'Luucht gaangen ?
- A wéi enger Alterskategorie ass de Plus am frappantsten ?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéiert

**Äntwert vun der Gesondheetsministesch an dem Minister vun der sozialer Secherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5098 vum 13. Oktober 2021 vun der Députée Nancy Arendt.**

*1) Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Kanner zu Lëtzebuerg ënnert Iwwergewiicht leiden? Wéi vill dovun leiden ënnert extremem Iweergewiicht (Adipositas)?*

Während dem Schouljoer 2019-2020, goufen déi schoulmedizinesch Ënnersichungen am Mäerz 2020 wéinst der Covid-19 Pandemie gestoppt. Dofir ginn et fir d'Schouljoer 2019-2020 keng komplett Donnéen.
Baséierend op den disponibelen Donnéen vun den schoulmedizineschen Ënnersichungen kann een awer folgend Constaten ervirsträichen:

Taux vun Kanner mat Iwwergewiicht

| | 2019 | 2020 |
|---|---|---|
| Enseignement fondamental | 9,75% | 9,91% |
| Enseignement supérieur | 9,07% | 9,35% |

Taux vun Kanner mat extremem Iwwergewiicht (Adipositas)

| | 2019 | 2020 |
|---|---|---|
| Enseignement fondamental | 4,62% | 4,15% |
| Enseignement supérieur | 5,25% | 7,48% |

*2) Em wéivill Prozent ass d'Zuel vun den iwwergewiichtegen Kanner, respektiv extrem iwwergewiichtegen Kanner an deenen leschten zéng Joer an d'Luucht gaangen?*

Den nofolgenden Tableau renseignéiert iwwert den Taux vun den iwwergewiichtegen Kanner respektiv extrem iwwergewiichtegen Kanner an den Joren 2012 an 2016.

Taux vun Kanner mat Iwwergewiicht

| | 2012 | 2016 |
|---|---|---|
| Enseignement fondamental | 6% | 8,50% |
| Enseignement supérieur | 6,90% | 6,40% |

Taux vun Kanner mat extremem Iwwergewiicht (Adipositas)

| | 2012 | 2016 |
|---|---|---|
| Enseignement fondamental | 7,70% | 5,10% |
| Enseignement supérieur | 5,10% | 4% |

Am Verglach mat den uewen genannten Donnéeën vun 2019 an 2020 kann een generell op deenen 10 lëschten Joeren eng ganz liicht Hausse vum Iwwergewiicht bei den Kanner feststellen. Allerdéngs ass dëst keng exponentiell Hausse, wat sécherlech och mat deenen verschiddenen Aktiounen déi an den lëschten Joeren organiséiert ginn sinn am Kader vum Aktiounsplang *Gesond iessen, méi beweegen,* zesummenhänkt.

*3) A wéi enger Alterskategorie ass de Plus am frappantsten?*

Am Enseignement Fondamental stellt een fest datt den Taux un iwwergewiichtegen Kanner vum Zyklus 1 op de Zyklus 4 däitlech an d' Luucht geet. Wann am Zyklus 1 ronn 3,01% vun den Kanner iwwergewiichteg sinn, läit dësen Taux am Zyklus 4 schonn bei 6,39% vun den Kanner.

Am Enseignement Secondaire loung den Taux vun iwwergewiichtegen Kanner an der Période 2018 – 2019 op den 7e Klassen bei 8,69%. Den Taux vun extremem Iwwergewiicht loung iwwerdeems fir dës Klassen bei 4,68 %. Fir déi selwecht Period loung bei 3e Klassen den Taux vun iwwergewiichtegen Jonker schon bei 10,84% an den Taux vun extremem Iwwergewiicht bei 7,8%. Et erkennt een also eng däitlech Hausse souwuel fir Iwwergewiicht wéi extremem Iwwergewiicht bei den héijeren Klassen.

Lëtzebuerg, den 16. November 2021

D'Ministre de la Santé

(s.) Paulette Lenert